# Groupe de Travail Jeunes FSCL

Rapport vun der Réunioun vu Méindes de 15. Mee 2023

| | |
|---|---|
| Präisenzen : | MM. Claude MAGAR, Romain ENGELS, Marco SCHMIT, Richard SPAUTZ, Marco SCHMITZ, Steve URBAN. |
| Entschëllegt : | Mme Suzie GODART, |
| | MM. Dirk PÜTZ, Guy KRUCHTEN, Fänk WEIKER. |
| Assistéiert: | M. Camille DAHM, Président fédéral |

- De Präsident vum Grupp, de Richard SPAUTZ, bégréisst déi d'Memberen a stellt zwee nei Memberen, alle Béid Trainer am CT Atertdaul, d'Hären Marco SCHMITZ a Steve URBAN viir, déi begeeschtert sin bei eisem Grupp, demnächst Jugend-Kommissioun (Coureuren m/f vu 6 bis 10 Joer) matzeschaffen;
- An der Teschend sin d'Guidonsplacken fir 2023 all geliwwert gin. D.h. och déi ouni Nimm;
- Eisen Aarbechtsgrupp „GT Jeunes" stellt séch zum Vote als „Commission des Jeunes" vun der Assemblée Générale ernannt ze gin bei der nächster Geleeënheet (Kalennerkongress) a kann duerno bei all Assemblée séng Memberen présentéieren;
- Fir d'Opstellung vun den Delegéierten bei den Épreuves Jeunes mussen d'Kandidaten entweder eng offiziell Lizenz als DS, Trainer oder Kommissär hun (nom Examen; cf Mme Claudine CONTER, Präsidentin vun der Jurys Kommissioun fir déi nächsten Examensséancen ze kennen) fir datt sie d'Regelen vun de Coursen a.s.w. kenne léieren;
- D'FSCL as net op dem COSL Spillfest fir Jonk an Aal. De Richard SPAUTZ war Donneschdes Nomëttes iwwer de Site gaang wou ziemlech vill Leit waren an d'Atelierë ware gutt besicht. Bei Nofroën bei de Leit krut hien zimlech oft matgedeelt, datt et laang dauert bis een un d'Rei kéim. Wann d'FSCL eng ordentlech, an iwwersiichtlech Plaz kréisch, net hannen erëm wou een de Site net ganz am Aa huet, kéint d'FSCL och erëm matmaachen mat genügend Leit fir och iwwer Mëtteg den Atelier besaat ze hun;
- Technikofzeechen wéilt d'Hirondelle nach eng Kéier maachen an zwar no der Épreuve vun Dippech am Oktober. Fir ee genauen Datum muss d'Hirondelle nach mat der Gemeng schwätzen. Fir d'Joer duerno (2024) misst een anere Veräin, dee Vill Kanner betreit an eng entspriechend Plaz zur Verfügung huet, séch em déi Organisatioun këmmeren;
- Et gouf festgehal datt fir Mëttwochs de 7. Juni véier Vertrieder aus eisem Grupp bei „Clever Moove" géifen hëllefen (MM. Romain ENGELS, Marco SCHMITZ, Marco SCHMIT a Richard SPAUTZ) nom Suzi as dat um INS (Fetschenhaff) ab 10 bis 17 Auer an et bräicht näischt opgeriicht ze gin.
- De Richard SPAUTZ stellt ee klenge Bericht op wéi eng Course soll oflaafen. Wéi scho fréier mussen Coureuren (m-f) nom Generalklassement opgeruf gin, wéi dat och am Ausland usus as. Déi Opstellung misst gemaach gin wéi am CX mat Kanäl vu 70cm fir eng Chute beim Start ze évitéieren.
- Den Alex MAGAR, dee, wéi hie nach Schüler am Lycée war, séch bereed erklärt hat fir den „Design" vun eise neie Guidonsplacken déi fir ee ganzt Joer gülteg sin ze entwerfen.

Duerfir huet hien zwee ganzer Deeg geschafft. An eisem Komitee as gefrot gin op d'FSCL dem Alex, deemools jo nach Schüler, eng eemoleg Indemnitéit vu 400 € als Zeeche vu sénger Spontanitéit a konkreter Aarbecht kéint bezuelen (d'Demande beim CA muss gemaach gin);

- Et gouf och festgehal dass déi Übungen vum „Technik-Ofzeechen“ déi als Vidéo och op enger gedréckter Versioun soll fir d'Eltere an d'Veräiner parat sin. U séch huet de Claude MAGAR eis schon eng Versioun vun der franséischer Fédé geschéckt wou all déi Atelierën opgezeechend sin. Den Alex kéint séch och dorëmmer bekëmmeren éventuell mam Sponsor „Dauner Mineralwaasser“ fir datt dat een handlecht an iwwersiichtleg Heftche géif gin fir jiddereen?

- Et gouf och proposéiert datt Technikofzeechen och sollt op YT gesat gin.

## Déi nächste Réunioun as Méindes, den 3. Juli 2023 ëm 19:00 Auer am Café Dumont „beim Gina“ zu Stroossen.

**RE 16.05.2023**